N°1778
Entrée le 15.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

An der Fro n°988 gouf gefrot, ob Etüden, Indicateuren oder Prozeduren existéieren, fir d'Aarbecht vum ONE a senge Prestataire ze bewäerten. De Minister verweist hei op d'groussherzoglech d'Gesetz souwéi de *Nationaler Rahmenplan der Kinder- und Familienhilfe.* An dësem ass Ried vum *AEF SOCIAL LAB: PROZESS, DATEN UND EMPFEHLUNGEN.*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°1628 erklärt de Minister, dass d'Käschtenentwécklung beim ONE (2022: 144 Milliounen Euro, 2025: 208 Milliounen; also ee Plus vun +44%) zum Deel op eng Erhéijung vun den Ufroen zeréckzeféieren ass. Kann de Minister heizou méi Detailer liwweren:
   - wéi eng 5 Prestatiounen hunn tëschent 2019 an 2024 am meeschten evoluéiert?
   - wat waren 2019 déi 5 meescht gefrote Prestatiounen?
   - wat waren 2024 déi 5 meescht gefrote Prestatiounen?

2. An der Äntwert op d'Fro n°1628 huet de Minister erklärt, dass d'Prestatairen, déi fir den ONE schaffen, reegelméisseg kontrolléiert ginn am Kader vun den Agrémenten.
   Wéi vill Mol goufen am Kader vu Kontrollen Irregularitéiten festgestallt?
   Wat waren déi heefegsten Irregularitéiten zënter 2019?

3. Wéi analyséiert den AEF d'Aarbecht vun de Prestatairen um Terrain?
   Wéi eng Indicateure genotzt, fir d'Qualitéit vun der Aarbecht ze bewäerten a falls jo, wéi eng sinn dat?

4. Existéieren Zefriddenheetsenquêten vum ONE, bei deenen d'Prestatairen an d'Bénéficiairen zu Wuert kommen an Zuelen erhuewe ginn? Falls jo, wéi eng sinn dat a wou kënnen dës consultéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten